# MÄERCHESTONN
# DEEL I



**1. Eng Broschtkriibspatientin däerf sech hir Brëscht net erofhuele loossen**
Falsch, eng Broschtkriibspatientin oder eng Fra mat héijem Broschtkriibsrisiko soll virun hirer Operatioun iwwert all Méiglechkeete vun der Broschtrekonstruktioun informéiert ginn. Och iwwer d'Méiglechkeet e schéine, flaache Verschloss vun hirer Mastektomiewonn ze kréien. Eng Mastektomie ka gemaach ginn op Wonsch vun der Patientin [1].
E flaache Broschtkuerf ze behalen ass och eng Zort vu "séilescher Rekonstruktioun" am Sënn vun der Vermeidung vun zousätzlechen Operatiounen, awer mat engem schéine, flaachen Operatiounsresultat.

**2. Eng Broschtkriibspatientin däerf sech déi, vermeindlech, gesond kontralateral Broscht net erofhuele loossen**
Falsch, eng Patientin däerf de Wonsch äusseren fir hir kontralateral Broscht erofgeholl ze kréien [2]. Zesumme mam Dokter muss de Fir a Widder ofgeschwat ginn.
Jonk Frae wëllen a solle sech d'Méiglechkeet ophalen fir e Puppelchen nieren ze kënnen.
Och d'Gefill dat eng Fra iwwer d'Broscht verspiert ass net méi do no enger Mastektomie.

# MÄERCHESTONN



**3. Eng Mastektomie ass en extrem uergen Agrëff**
Eng Mastektomie, resp. eng duebel Mastektomie ass wéi all Operatioun mat verschiddene Risike verbonnen. Dofir ass et esou wichteg zesumme mam Dokter déi Operatioun gutt virzebereeden a kloer Informatiounen de Patientinne matzeginn, wéi si sech no der Operatioun fleege sollen.
Eng Mastektomie ass natierlech e gravéierenden Agrëff op d'Weiblechkeet. Et ass ganz sécher datt eng Fra eng, méi oder manner laang, Trauerperiod duerchgeet an am beschte Fall vun enger Psychoonkologin begleet gëtt fir datt si aus dem moraleschen Déif eraus kënnt.

**4. Eng Fra kann net ouni Broscht/Brëscht liewen**
Falsch, d'Broscht ass e sekundärt Sexualmerkmal. Deemno kann eng Fra och ouni Broscht liewen.
D'Bild dat Gesellschaft vun enger Fra zeechent, ass oft duerch d'Ausgesinn, zum Beispill de Busen, duergestallt. Et gi Fraen déi sech selwer iwwert hir Ausgesinn, och iwwer hir Broscht definéieren.
Et gëtt och de Géigendeel, Fraen déi scho virun hirer Erkrankung net op hir Brëscht fixéiert waren a, scheinbar, méi einfach iwwer de Verloscht ewechkommen.

# MÄERCHESTONN



**5. Eng Fra gëtt psychesch krank wa si eng oder di zwou Brëscht verléiert**
Et kann e vu ville Saache krank, resp. psychesch krank ginn. Leider ginn et Krankheeten déi Mënschen un d'Limitte vun hirer kierperlecher a séilescher Kraaft bréngen, z. B. de Broschtkriibs a seng néideg Behandlungen.
Dat eng Fra nëmmen duerch eng Mastektomie séilesch krank gëtt, ass warscheinlech net wëssenschaftlech nogewisen. Et ass deemno immens wichteg datt eng Patientin niewent enger éischtklassescher medezinescher Ënnerstëtzung och moralesch gehollef kritt.
Et ginn nach keng offiziell Studien wou d'Zefriddenheet vu Fraen, déi sech e schéine, flaache Verschloss gewënscht hunn, dokumentéiert gëtt.
Et gëtt aktuell just Dokumentatiounen iwwert Fraen déi e Broschtopbau oder just eng Mastektomie ouni schéine Verschloss kruten.

**6. Eng Fra déi hir Broscht net méi huet, kritt uerg Haltungsproblemer**
Eng Fra déi e schéine, flaache Verschloss no hirer duebeler Mastektomie kritt, huet keng Haltungsproblemer. De Schwéierpunkt vum Kierper verlagert sech no der Operatioun.
Eng Fra déi eng Broscht erof geholl kritt kann, deemno wéi schwéier hir bleiwend Broscht ass, duerchaus geplot sinn.
Am normale Liewe gëtt ni iwwert d'Gewiicht vun de Brëscht geschwat, mee eng Broscht kann tëschent 500 an 1000 Gramm weien.
Et spille sécherlech och nach aner Faktore mat wann eng Fra mat enger Broscht Haltungsschwieregkeeten, Verspannungen oder Péng huet.

[1] European Guidelines about Breast Cancer and its treatment
[2] Avis n°34 du 15 mars 2018 Mastectomie controlatérale comme alternative à la reconstruction mammaire